

Oktober

*Dobaussen an de Mëttesstonnen
gi faarweg Biller opgehaang
verleëe lescht Erënnerungen
vun engem Summer dee vergaang*

*Giel Blieder danze voller Houfert
rock a rolle schwiewe fléien
vergiessen d'Enn dat op si lauert
wa se Pirouetten dréinen*

*Mar kréien d'Wolke gro Flichten
an d'Niwwle klammen aus der Gruecht
verjoen d'Liicht an d'Wäermt daagsiwier
a stielen d'Stären aus der Nuecht*

(aus eise Buch «Spréchelcher a Geschichte
fir nozedenken» vum Jeanine THEIS-KAUTH;
230 S./15 €) dir kënt et nach ëmmer bestellen
a kritt et geschéckt. An hirer Qualitéit passen
dës kleng Karfonkelsteng a jidfer Sprooch an
d'viischt Rei!

Ceterum censeo (7)

Eis Sprooch an d'Verfassung ze setzen, dat dierft
bei allem verstännegen Oppassen an dëser kriddeleger
Matière **elo kee Problem méi** sinn.

1. ass d'Lëtzebuergesch **zënter 22 Joer eis gesetzlech
Nationalsprooch** a steet juristesche-redaktionell mam
Franséischen an Däitschen um selwechte Plang;
2. huet d'Regierung sech elo beim **Gesetz-Projet fir
d'duebel Nationalitéit** och sprocheméisseg eens
gemaach, fir déi Reglementatioun op de legislative Wee
ze schécken, wouriwwer jo och eisen Haaptartikel an
dëser KLACK geet;
3. huet keng Partei – **nom Kompromëss fir d'Natio-
nalitéitsgesetz** – méi Ursach, fir sech elo an der
Spezialcommissioun géint d'Ernimme vum Lëtzebuerg-
geschen an der Verfassung ze stäipen.

Et wier logesch, schéin a symbolesch korrekt, wann
d'Gesetz iwwer déi duebel Nationalitéit elo kënt mat
engem **prinzipielle Vote iwwer eis Sprooch an der
Constitutioun** verbonne ginn.

■ L.R.

duebel Nationalitéit...

vum Lex Roth



(FOTO: TEDDY JAANS)

...dat ass eng Saach iwwer déi een sech laang ënnerhalen oder zermeschte kann. Op jidfer Fall ass et **eng konstitutionell a politesch Fro**, net onbedéngt eng vu Sprooch. An der Preparatioun fir d'Chamber-Debatten iwwer dat neit Gesetz spillt eis Sprooch ower dach eng wichteg Roll... an dat ass natierlech gutt esou. Trotzdem kënnen mir Lëtzebuerg verstannegerweis net mat dem Argument kommen, fir Amerikaner ze ginn, misst een dach Englesch kënnen; eis Situatioun op deem Gebitt kann och net einfach mat deer däitscher verglach ginn; **d'Schinne leien iwwerall anescht, an d'Weihe sinn net dselwecht gestallt.** Wéisou?

Mä d'Majoritéit vun den auslännesche Leit, déi bei äis kommen / wëlle bleiwen, déi fille sech guer net esou friem wéi soss enzwou... well mir praktesch alleguer mat hinnen an enger Sprooch babbelen, déi si verstinn. An dat ass net Lëtzebuergesch, mä Franséisch, Däitsch, oder och nach Englesch: En Ungar, deen an Amerika wëllt bestoen a keen Englesch knujelt, deen dierf erëm «trëppelen», et sief dann, hie léiert d'offiziell Sprooch vun den USA; am selwechte Sënn geet et engem Däitschen, deen aus iergendenger Ursach zu Lyon land oder engem Fransous, deen et op Leipzeg gezunn huet... mä **bei äis kënnen si vill méi liicht kommen a liewen!** Dat ass jo alles schéin a gutt, ower domat léiert ee kee Lëtzebuergesch. Dat neit Nationalitéitsgesetz soll ower elo 7 Joer Präsenz am Land virschreiwene, fir kënnen Lëtzebuergesch ze ginn... dat ass eng superlaang Zäit, fir weinstens lëtzebuergesche «pidgin» matzékriegen / ze léieren, wann een en normal gewuessene Käppchen huet. Iwregens kann een sech och ganz gutt virstellen, datt allerspëtstens an deer zweeter Generatioun vun deene Leit d'Sprooch kee Problem méi ass. Dat hu mir dach ewell bei «eisen» Italiéiner oder Portugisen erlieft!

Et ass ganz sécher eng intressant Fro, fir **erausgefannen WÉIVILL Lëtzebuergesch fir eis Nationalitéit verlaangt gëtt.** Dat ass eng Saach vu Fangerspëtzegefill: mat Knëppele fänkt ee keng Vullen! Et dierf op kee Fall mat autoritären, sprocken a sture Mëttele gewéitscht oder zurecks eraus Schreifweis gedrummt ginn. Grad esou geet et ower och net duer, mat e puer latzege Witzen a laddrege Braddelereie rondrem sech ze geheien. Muss dat an enger «Schoul» geléiert ginn? Ganz oder deelweis? Solle mir net elo direkt déi néideg pädagogesch Instrumenter schafen, fir sech och selwer kënnen an e Basis-Lëtzebuergesch eran ze schaffen? D'Gesetz huet dach de prinzipiellen Accord vun der potenter Chambermajoritéit (CSV+LSAP) kritt! A wie si «mir» bei deer Saach? Mä **mir hun en héich offizielle «Conseil permanent de la langue luxembourgeoise» fir all deene Froen op de Fong ze goen!** Dobäi gëtt et haut, nieft de classesche Léiermëttele, formidabel elektronesch Méiglechkeeten, déi vum Tounband iwwer den Internet a bis op den DVD ginn. Bei der Reglementer, déi sech un dat neit Gesetz unhänke wäerten, soll dee Gremium an der Sprooch-Fro logescherweis eng Haaptroll kréien; an deem sëtzen déi néideg Pädagogen a Sproocheleit mat kéipweis Praxis, fir vrun allem verstänneg Léisungen ze sichen... an ze fannen.

gepëtzt...

Mir sinn an engem Joer, wou en etlech Lëtzebuerg/-innen dem Land am Sport all Eier gemach hunn. Ee vun hinnen, dee sympatheschen Daniel Fiegen ass ower schlecht dobäi ewech komm... hie guf einfach beim Europachampionnat *ageholl*, also méi kleng gemach. De Frank Schleck kruten se net erëm... an hien hat och näischt... *ageholl*. Si haten ower allen zwéin e gudde Sprint *dohinner geluecht*... deen net leie bliwwen ass.

Op eise Nationalfeierdag mat deem Billerbuchswieder ware wéi et schéngt *Zuschauer beim Feierwierk*... an déi zegdausend **Leit** hunn dat **Freedefeier** flott fonnt!

Wat ënnerscheet eng *A-meis* vun enger *B-meis*? Am Lëtzebuergeschen **eng Seejomes, eng Munnes**, zu Rodange esouguer eng **Bujelli!**

Wéi kënt eis Post dann elo drop, fir äis eis Zeitungen *zouzestellen*? Da kënt jo kee méi eraus... wat waren dat dach nach Zäiten, wéi si äis déi Dénger einfach **bruecht** hunn!

Wann eng Geleeënheet et verdéngt, fir gefeiert ze ginn, da gëtt si net besser oder méi grouss a scho guer net méi lëtzebuergesch, wa mir en *Ulass* draus maachen; vun engem *feierleche Spektakel* kënnen mir do och net schwätzen, well dat ass bei äis nëmme **Kaméidi**; am Däitschen hu mir de Spektakel am selwechte (laténgesche) Sënn wéi am Franséischen... ower fir d'Aen, net fir d'Oueren! Bei eiser «Spektiv» gi mir mat dësem Latäin (spectare!) en eegene Wee.

Stéppelt (echt EISES!) emol hannert engem, hie soll iech soen, wat den Ënnerscheid téscht engem **Geier** an dem **Geier** ass, oder wou een e **Gëtschel** fënnt... a gitt iech net mat deer bëlleger Ursach zefridden, dat wier dach alles a a verstébst... d'Kamouditéit, d'Onéierlechkeet, ower och d'Lidderegkeet hu vill Gesichter!

■ P.W.


Flouernimm

Eis KLACK-Lieser wëssen, datt mir äis Suergen iwwer d'Erhalen a Riichtbéie vun eise Flouernimm an Kadaster maachen. Et sief, nach eng Kéier, direkt gesot, datt déi kompetent Administratioun, hir Direkteren an och de Minister als ieweschte Chef 100 % hannert der Aarbecht stiechen, déi **historesch bedéngt verdäitschten Nimm** an d'Rei ze kréien... a beim «zou-Bauen» dofir ze suergen, datt mam gewuessene Buedem net och nach dat eelst vu Sproochelementer fir ëmmer mat an den neie Fëlle-menter verschwënt.

Eis Gemengen – a firwat net och d'Distriktscommissairen? – giffen och all gutt drun dinn, wann si fir eis Kanner an all déi Generatiounen hannendrun op d'Flouer- a Kadasternimm giffen halen; dat kënt dach ewell **bei den Autorisatiounen fir d'Lotissementer schréfflech festgehal ginn.** Eise sympathesche Minister vum «Intérieur» kascht dat just e butzegen a ganz sécher «onschëllegen» Arrêté!

Frou si mir och, wann **d'Frënn vun de Lokalreportagen an den Zeitungen** sech drëm bekëmmere, fir eise gewuessene urale Flouernimm eng propper Plaz ze halen. Wien dat wierklech mat Häerz mécht, ass z. B. de Kolleg Marcel Wagner (lr), deen sech deer Saach an senger Gemeng (Sandweiler) ugeholl huet; dierfir fanne mir dann och bei him z.B. «an de Braken/Fofzengecken/Äislächer asw.». Bravo Muerzel, a maach weider... dobäi!

■ H.M.



dat Bild hei ass jo bal net ze iwwersinn... och net an enger Butteksfënster.

Datt **d'Lëtzebuergesch net esou aarm ass, wéi mir dacks selwer sprooch-aarm** sinn, dat ass ewell méi eng Kéier hei an der KLACK ernimmt ginn. Zënter 2004 hu mir äis daitlech mat deem Gedanken auserneegesat, datt et eng Hellewull Wieder, Ausdréck an eege Bedeitungen an eiser Sprooch gëtt, déi entweder 100 % oder héichprozenteg Stack- Lëtzebuergesch sinn. Honnerte vu Beispiller hu mir bruecht an och erageschéckt kritt.

Wéi versprach, sinn der dann Dausenden (!) alphabéitesch hannerenee geschriwwen ginn. Mir stellen iech se elo als Buch vir. Et sinn an déi 180 Säiten... an op all Sait guff Plaz gemach, fir déi, déi dir nach selwer wëllt bäischreiwene. Spannend gëtt et fir jidferene, deen emol **probiert, EISES an d'Däitsch oder d'Franséisch ze iwwersetzen**; dofir hu mir hannert d'Lëtzebuergesch extra zwou Kolonne gesat... dir wäert paff sinn, wéivill eiser Ausdréck iech nach laang net einfach op Franséisch oder Däitsch kommen: **e ganz nätzlecht Spill, privat, a Gruppen oder souguer an der Schoul.** Da fuert emol duer!

■ AL

Vun deer anerer Woch un ass dat Buch EISES (fir 15 €) an de Bicherbutteker ze kréien; eis trei Membre wäerten et och geschwënn an hirer Bréifkëscht fannen.